AMICALE DES ANCIENS
DE TAMBOW

Luxembourg, le 17.4.1964.

Dese Bre'f ass un de folgend Resistenzorganisatiounen gâng:

1) Association des anciens combattants luxembourgeois de la guerre 1939-45 et des forces des Nations Unies;
2) Association des combattants volontaires luxembourgeois de la résistance française;
3) Groupement indépendant des maquisards luxembourgeois;
4) Les insoumis et armée secrète;
5) Ligue luxembourgeoise des prisonniers et déportés politiques;
6) Union des mouvements de résistance luxembourgeois.

De Comité vun der "Amicale des Anciens de Tambow", déi am ganzen letzeburger Vollek groussen Uklank an Verständnes béi hirer Fuendelweih, Ausstellong an der Publikatioun vun engem Buch fond huet, protestéiert energesch géint déi hârt a batter Wierder, déi des Dég un d'Adress vun den Enrôlés de Force an verschiddenen Zeidongen ze liesen stongen. Mir hun bis haut all Resistenzler respektéiert an hir Dôten richteg ageschât. Mir hun gesicht mat alle Resistenzverénegongen auszekommen an mat hinnen zesummenzeschaffen. Desto méih platt waren mir, wéi déi Bomm geplatzt ass.

Dorophin triéden eis Memberen vun alle Séiten un eis erun a verlangen Klôrhét.

Mir froen duerfir :

Ass des Astellong, vun den "S.R.A. Pi-Men" önnerzéchent, an vun 6 âneren Resistenzorganisatiounen anscheinend geböllegt, tâtsächlech déijéineg vun alle verbliwene Resistenzler ?

Sie schreiwen : " ..... l'honneur de notre patrie ne se
" défendait dans aucun cas au bord de la
" Volga sous la bannière teutonne. "

Onglëcklecherweis waren mir déi, déi an der preisescher Uniform bis un d'Wolga verschléft goufen. Mir sin net gefrôt gin op mir léiwer an Frankréich oder an Italien an den Asâtz kéimen. Eis Exilregierong, déi ons zum Iwerlâfen opgefuerdert huet, huet vergies dobei ze soen, datt d'Russen net als hîr Alliéiert ze betruechten wieren, an datt spéider en

.../..

Önnerschéd zwöschen Gefângenen am Westen an am Osten gemât géif. Mir droen keng Schold un eisem Misär an mir hätten eis mat méih lîchtem Hierz am Westen fänken gelôss. Et war och net eis Schold, datt mir net an d'Reihen vun den alliéierten Zaldoten opgeholl goufen. Mir hun vun Tambow aus énzel an och global schrëftlech Ufroen un d'Russen gerîcht fir an Afrika bei de Generôl de Gaulle ze kommen. Mir waren keng Feiglingen a wieren zou jidder Zéit berét gewiescht esouguer un hîrer Séit géint d'Nazien eise Mann ze stellen.

Mir hun net nömmen eis égen Éier ze verdédegen, mé och déi vun 130 letzeburger Jongen, déi un Honger an Entbiehrongen verstuerwen sin.(des exterminés par la faim) Sie waren leider op der falscher Séit mam routweissbloen Fendel an der Hand ukomm an gin duerfir haut vun de Pi-Men mat de Verrieder vun Oradour, Tulle an mat Denunzianten verglach. Esou eng Gemenghét !

..... " Nous avons aidé tacitement tous ceux qui ont
" accepté provisoirement l'uniforme abhorré pour
" déserter ensuite et passer de l'autre côté de
" la ligne. "

Hun mir net provisoresch déi verhâsst Uniform ugedoen fir eisen Elteren d'Omsiedlong ze erspueren an ze désertéiren ?

..... " la possibilité de s'opposer au service militaire
" ennemi était, en dehors de rares exceptions, à la
" portée de tous les luxembourgeois résolus à
" combattre l'envahisseur."

Mir stoussen déi Behâptong zrëck, datt et méiglech war all Jongen ze verstoppen oder/iwer d'Grenz ze schleisen. Hun déi Hären Pi-Men och schon iwer d'Folgen nogeduecht, wann émol muerges kén letzeburger Jong beim Appell op der Gâr gewiescht wier ? Wëssen sie net méih zou wât d'Nazien fäheg waren ?

..... " se rangent un nombre assez important d'anciens
" volontaires de la H.J., des S.A., de l'O.T., du
" R.A.D., de la Wehrmacht ainsi que les porteurs
" de croix de fer. "

Mir sin nach nie fir déi Fréiwelleg agetrueden a bezéchnen sie nach haut als Verréider, déi Schold droen, datt et iwerhât zur Proklamatioun vun der Wehrmacht zou Letzeburg koum. Sie dierfen jo op d'Versorgungsamt no Tréier trëppelen.

Sollten awer all Resistenzorganisatiounen eis esou aschätzen ewéi déi uewen zitéiert dann léschten sie der

.../..

Hémecht e schlechten Dengscht. Sie behâpten domatt, nömmen eng Minoritéit vun de Letzeburger hätt un d'Victoire vun de Westmächte geglέwt. Wéi koum dann den 10. Oktober 1941 dât Resultat vun der Ofstömmong zoustand ? 90 % fir Letzeburg !

Mir Tambower wârden duerfir op eng Äntwert, well mir sichen nach ömmer no dénen, déi schölleg waren, datt mir esoulang zou Tambow soutzen. Wann eis Resistenzler all déi, déi un der Wolga stungen, als Preisen astufen, dann bréichten mir net méih lâng no déne Schöllegen ze sichen. Sie hätten sech démno eiser, déi no Opfâssung vun de Pi-Men, keng Referenz fir eist Land duerstellen, geschummt an derzou béigedroen eis all am Bösch bei Tambow ze lôssen.

Déi méscht Jongen sin eréischt, no der Liberatioun vun der Hémecht an nodém e franzéischen Generôl schon d'Franzousen aus dem Lâger befreit hât, gestuerwen.

Mir huelen kaum un, datt eis Resistenzorganisatiounen gewöllt sin des Schold op sech berouhen ze lôssen an mir wieren frouh, hir Stellongnâhm ze erfuehren.

Keng Entwert ass och eng Entwert.

De Comité.